ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Kader vum Offallgesetz ass et bekanntlech verbuede Gréngschnëtt oder soss Offäll ze verbrennen. D'Publikatioun vun engem *Règlement grand-ducal* virun e puer Joer mat präzise Strofen an deem Beräich hat bekanntlech fir vill Diskussioune gesuergt. Mengen Informatiounen no, kënnen awer op Demande hin Derogatiounen erstallt ginn, déi et erméiglechen e.a. Heckeschnëtt an enger Gréngzon ze verbrennen.

An dësem Sënn hunn ech folgend Froen un d'Mme Ëmweltministesch:

1. Ënnert wéi engem Ëmstänn kënnen esou Ufroe gestallt an Derogatiounen accordéiert gi?
2. Wéi vill esou Ufroe gouf et an de Joren 2018-2020 a wéi vill goufen der accordéiert (no Joren opgeschlësselt) ?
3. Wéi vill vun deenen Ufroe koume vun ëffentlechen Acteuren, d.h. Staatsverwaltungen, Gemengen, Naturparken oder soss ëffentleche Strukturen a wéi vill dovun hunn sech op d'Verbrenne vu Gréngschnëtt oder Offäll an Naturschutzgebidder bezunn? Woren do och speziell Verwaltunge concernéiert déi ënnert der Responsabilitéit vum Ëmweltministère stinn? Hunn och z.B. Ponts et Chaussées, oder aner Verwaltungen ënnert der Verantwortung vum Transportministère esou Derogatioune gefrot a Gréngschnëtt oder aner Offäll an Naturschutzgebidder verbrannt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierte